ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Dezember 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister, den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här Minister fir Energie an un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Weltgesondheetsorganisatioun huet den 10. Oktober 2018 nei Direktiven erausginn. Dora steet, datt de Kaméidi an Europa zu de gréissten Ëmweltgefore gehéiert an esouwuel psychesch wéi kierperlech ka krank maachen. Häerz, Kreeslaf a Stoffwiessel wären hei besonnesch betraff. An deenen Direktive ginn nieft dem Kaméidi duerch de Verkéier och Wandturbinnen a Fräizäitaktivitéiten als Quell uginn.

Aus deene Grënn ass rieds vun engem maximale Kaméidispegel vu 45 Dezibel fir Wandanlagen (aktuell an Däitschland 55 Dezibel no u Wunngebidder). Dofir wëll ech dës Froen un den Här Gesondheetsminister an un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung stellen:

1. Wat fir en Dezibel-Héchstwäert gëllt aktuell bei der Geneemegung vu Wandanlagen no u Wunngebidder?
2. Ass d'Direktiv vun der Weltgesondheetsorganisatioun zu Lëtzebuerg bekannt an ass dru geduecht, hir Recommandatiounen an eis Gesetzgebung ze iwwerhuelen?
3. Wann d'Gesondheet vun den Awunner éischt Prioritéit ass, wat bedeit d'Direktiv vun der Weltgesondheetsorganisatioun fir de Wandanlagen-Projet vun Uewerkuer (mat enger Distanz vu ronn 550 Meter zu den éischte Wunngebidder?
4. D'Energieindiustrie huet mat Ofschalt-Automaten op d'Kritik iwwert ze vill Kaméidi geäntwert. Wéi schätzt den Ëmweltministère dës Anlagen an a wéi gedenkt hien, hiert korrekt Funktionéieren ze garantéieren?

5. Firwat gëtt et an der Lëtzebuerger Gesetzgebung keng Minimaldistanz vu Wandanlagen zu Wunngebidder? Ass d'Lëtzebuerger Regierung sech bewosst, datt 850 Meter heifir net duerginn (wéi d'Beispill vun der belscher Uertschaft Bourcy weist)? Wär hei am Land d'Aféierung vun enger Minimaldistanz op 1000 oder op 1500 Meter denkbar, an zwar ënner Virbehalt vun enger zousätzlecher Etude iwwer d'Belaaschtung duerch de Kaméidi?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten